N°3186
Entrée le 15.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 3186 vum 13. November 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

**1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, dass d'MyGuichet-Demarche fi r d'Erweiderung vun enger Etablissementsgenehmegung (Secteur PME) aktuell nëmmen op Franséisch disponibel ass?**

**2. Wéi vill administrativ Prozeduren, déi sech u Betriber riichten, sinn op MyGuichet aktuell net op d'mannst op Franséisch an Däitsch verfügbar?**

**3. Wéi vill vun dëse Prozedure sinn net op Englesch verfügbar, obwuel si sech un en internationalen (Entrepreneurs-)Publikum riichten?**

**4. Wat sinn déi technesch oder juristesch Grënn dofir, dass bei dëse wichtege Prozedure vum Prinzip vun der Méisproochegkeet ofgesi gouf?**

**5. Wat ass den Zäitplang vun der Regierung, fi r sécherzestellen, dass all relevant Demarchë fir Entreprisen op MyGuichet op d'mannst op Franséisch, Däitsch an Englesch ugebuede ginn?**

D'Plattform MyGuichet.lu gëtt vum Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) an de Sprooche Franséisch, Däitsch an Englesch ugebueden. De CTIE entwéckelt pro Joer knapp 100 nei Demarchen, déi all als éischt an enger éischter Sprooch developpéiert ginn an, an de meeschte Fäll ass dat Franséisch.

Dëst erkläert sech doduerch dass, d'Delaie fir eng Demarche op eng weider Sprooch ze iwwersetzen, e puer Méint an Usprooch huele kënnen, wat notamment der Qualitéitskontroll vun der Iwwersetzung geschëlt ass. All d'Iwwersetzunge mussen an dem Sënn och vun der zoustänneger Administratioun validéiert ginn, fir sécher ze stellen dass d'Terminologie korrekt ass a mat der Gesetzgebung iwwerenee stëmmt.

D'Initiative fir eng Demarche op weider Sproochen ze iwwersetze läit doriwwer eraus bei der zoustänneger Administratioun. Si ass déi kompetent Autoritéit a kennt souwuel déi gesetzlech Basis, déi eventuell eng spezifesch Sprooch imposéiert, an och de Public cible vun der Demarche.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

Wéi dës Tabell vun der Repartitioun, no Sprooch vun den Demarchen déi am "Espace professionnel" vu MyGuichet.lu disponibel si weist, ass d'Majoritéit vun den Demarchen a mindestens enger weiderer Sprooch par Rapport zum Franséischen disponibel :

| | **Unzuel vun den Demarchen déi an der jeeweilege Sproochekombinatioun am Espace professionell disponibel sinn** |
|---|---|
| **Nëmmen op Franséisch disponibel** | 133 |
| **Op Franséisch an Däitsch disponibel** | 24 |
| **Op Franséisch an Englesch disponibel** | 35 |
| **Op Franséisch, Däitsch an Englesch disponibel** | 170 |

Wat déi spezifesch Demarche vun der Autorisation d'établissement ugeet, esou sinn d'Iwwersetzungen do en cours.

Well, wéi gesot, all Joer knapp 100 Demarchen an d'Offer vu MyGuichet.lu bäikommen, ass et schwéier e genauen Timing ze ginn an deem alleguerten déi scho besteeënd Demarchen kënnen iwwersat ginn.

Lëtzebuerg, den 15/12/2025.

D'Ministesch fir Digitaliséierung

(s.) Stéphanie Obertin